**17 Projeten ginn an der 4. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt**

*De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 28 Projeten analyséiert.*

*Insgesamt 12.141.719 € Euro ginn an d'Produktioun, an d'Ecriture wéi och an den Developpement vu 17 Filmprojete investéiert.*

17 Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen 3 Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- D'Série *Droneland* vum Nicolas Steil (Showrunner) *an* déi den Christophe Wagner corealiséiert;
- De Long-métrage *Marianengraben* vum Eileen Byrne;
- Den Dokumentarfilm *La fourchette à gauche* vum Donato Rotunno.

Am Ganzen ginn 10 Filmer, 2 Animatiounsfilmer, 2 Dokumentarfilmer, 1 Serie, 2 XR Projeten finanziell ënnerstëtzt.

De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wärt dann am Februar 2023 statt fannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.